N° 6099
Reçue le 26.04.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.04.2022

CSV FRAKTIOUN

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre
des Députés

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech Iech bieden, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Eis Apprentien (Léierjongen a Léiermeedercher) si staark vun der rezenter Präisdeierecht, virun allem duerch déi héich Bensinns a Dieselpräiser betraff. Vill vun hinne sinn op den Auto ugewise, well fir si den ëffentlechen Transport net passt, Betriber wou si schaffen an Industriezonen leien, déi schlecht ugebonne si respektiv mussen mam Auto op de Chantier fuere fir ze schaffen.

Am Géigesaz zu de Studenten, sinn awer fir Léierjongen a Léiermeedercher keng Bäihëllefe bis elo virgesinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen.

- Well den Här Minister den Apprentien och eng Bäihëllef wéinst der Präisdeierecht accordéieren?
- Wann nee, firwat net?
- Wa jo, op wéi eng Aart a Weis wëll den Här Minister hëllefen ? Kéint z.B « d'Prime de promotion à l'apprentissage » gehéicht ginn ?

Ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6099 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

D'Regierung huet mat den Sozialpartner e Mesürepak décidéiert fir d'Ënnerstëtzung vun de Stéit an de Betriber am Kader vun der rezenter Entwécklung vun der Präisdeierecht. An dësem Pak sinn zu dësem Zäitpunkt keng zousätzlech Bäihëllefen fir d'Léiermeedecher an d'Léierjongen virgesinn. Esou eng Bäihëllef ass och net vun de Sozialpartner an d'Diskussioun bruecht ginn.

Déi aktuell Bäihëllef déi d'Léiermeedecher an d'Léierjongen bezéien ass indexéiert, an gouf deemno am Oktober 2021 an am Abrëll 2022 ugepasst.

Doriwwer eraus ass ët esou, datt d'Léiermeedecher an d'Léierjongen en Usproch op d'Kannergeld behalen, dat jo och rezent nees indexéiert ginn ass.

Ech wëll déi honorabel Deputéiert dorop opmierksam maachen, datt Schülerinnen a Schüler aus akommesschwaache Familljen zousätzlech d'Urecht op finanziell Ënnerstëtzung duerch de CePAS hunn. Ech wäert meng Servicer an dem aktuellen Kontext uweisen, fir d'Léiermeedecher an d'Léierjongen besser iwwer dësen Dispositif ze informéieren an eventuell Härtefall ze identifizéieren déi vun dësen Hëllefen kéinten profitéieren.

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH